

Lëtzebuerg, den 11. September 2020

Zesammenhalt brauch Gerechtegkeet: Sozial, ökologesch, generatiounsiwwergräifend

Vill ënnerschiddlech Krise stellen aktuell eise gesellschaftlechen Zesammenhalt op d'Prouf. E generell Gefill vun Ongerechtegkeet mécht sech ëmmer méi breet. Och zu Lëtzebuerg.

Hei ass d'Politik elo gefuerdert. Mir stinn an der Verantwortung, eisem Land laangfristeg e Kader ze ginn, wou Wuelstand a finanziell Laaschte gerecht verdeelt sinn. Grad an Zäiten, wou et méi schwierig gëtt. Mir musse Chancëgläichheet garantéieren, och tëschent de Generatiounen.

Am Ufank vun der Covid-19-Kris hu mir an dësem Sënn séier op déi nei Situatioun reagiert. Mir hunn zesumme mat eise Koalitiounspartner Liewen a Gesondheet vun de Mënschen an de Mëttelpunkt gestalt. Mir hunn Aarbechtsplaze geschützt a wirtschaftlech Existenz gerett. Duerch Hëllef fir Betriber, Independanten a Privatleit. Duerch d'Ausnotze vum ganzen Handlungsspillraum am Aarbechtsrecht.

Aktuell diskutéiere mir vill iwwer Steiergerechtegkeet. Dat ass wichteg, mä geet awer net duer! Mir mussen eng méi breet Gerechtegkeetsdebatt féieren. **Well och Klima- an Ëmweltzerstéierung schafe sozio-ekonomesch Ongerechtegkeeten.**

Fir datt jiddwereen zu Lëtzebuerg gutt liewe kann, fir den Zesammenhalt ze stäerken, brauche mir **Verdeelungs- a sozial Gerechtegkeet**. Mir brauchen **ökologesch Gerechtegkeet**, wou deen, dee vill polluéiert, och dofir bezilt. Mir brauche **Gerechtegkeet tëschent de Generatiounen**.

Dofir kann een Ongerechtegkeet net duerch vereenzelt Mesurë bekämpfen. Mir mussen op ville Plazen aktiv ginn. Mir mussen:

1) de Steiersystem méi gerecht opstellen

Mir hunn hei am Land Mëssbräich vum Steiersystem an net gerechtfäerdigt Steiervirdeeler.

- Dat betrëfft zum engen **d'abusiv Notzung vun de FISen**, déi stéierlech ongerecht ass, d'Konzentratioun vun Immobilien an den Hänn vun enger Minoritéit férdert an d'Spekulatioun op Immobilien méi lukrativ mécht. D'FISen gëllt et elo ze reforméieren.
- Dat betrëfft awer och **d'Stockoptions**, déi scho laang net méi hiert uersprénglecht Zil erfëllen. Dofir setze mir eis dofir an se fundamental ze reforméieren.

Do musse mir an de kommende Méint agéiere fir déi evident Ongerechtegkeete séier ofzeschaffen.

Iwwert déi Mesuren eraus, musse mir awer och eng Diskussioun driwwer féieren, wéi mir an Zukunft sécher stellen, dass eis Gesellschaft net weider auserneendrift:

- D'Ierfschaftssteier an d'Verméigenssteuer sinn Elementer, iwwer déi ee muss diskutéieren. Et gëtt eng total disproportionéiert Besteuerung vun Aarbecht par Rapport zu Kapital. Dëst muss mir ugoen. Dësen Debat féiere mir an eiser Partei a mir wäerten en och an der Koalitioun féiere mussen. **An dëser Diskussioun gëtt et fir eis gréng keng Tabuen.** Fir eis ass awer och evident, dass ee bei esou engem komplexe Sujet net aus der Héft schéisse soll.

2) Méi Klimagerechtegkeet schafen

Wa mir iwwer Gerechtegkeet diskutéieren, muss mir iwwer d'Klimakris schwätzen. Mir sinn aktuell an engem System gefaangen, an dem Klima- an Ëmweltverschmutzung kee Präis huet an dowéinst op d'Allgemengheet – d.h. op all einzelnen vun eis an op zukünfteg Generatiounen - ofgewälzt gëtt. Mir müssen eis aus dësem ongerechten System befreien.

Wien vill polluëiert, wien Ëmwelt a Klima verschmutzt, wien doduerch och d'Gesondheet vun de Leit belaascht an eis Zukunft hypothekéiert, soll dofir bezuelen. Dat ass e fundamentaalt Gebuet vun der Gerechtegkeet. Dofir setze mir gréng eis fir d'Aféierung vun engem CO2-Präis fir d'nächst Joer an.

D'Klimakris bekämpfen heescht Aarmut bekämpfen. Et sinn déi sozial vulnerabel Leit, déi am meeschten ënnert de Folge vum Klimawandel leide wäerten, awer am mannste Mëttelen hunn sech ëmzestellen. Et geet eis drëms, sécherzestellen, dass och si d'Klimatransitioun aktiv matgestalte kënnen. Mir wäerte beim Klimaschutz just erfollegräich sinn, wa mir akommeschwach Familljen net op hiren ale Masuttsheizungen an op hiren ineffizienten Autoe setze loossen. Dat ass den Usproch, deem mir gréng wëlle gerecht ginn. Jidderee soll d'Méiglechkeet hunn, op méi klimafrëndlech Technologien ëmzeklappen:

- Dofir hu mer am Kader vum #NeistartLëtzebuerg-Pak d'Ënnerstützungsmesurë massiv ausgebaut, fir d'Bierger*innen a Bierger bei der Transitioun ze begleeden. Dës Hëllef ginn ugeholl a vun de Bierger*innen appreciéiert, dat mierke mir ganz däitlech un der groussen Unzuel un Demanden, z.B. fir d'Auto- a Velosprimmën oder fir d'staatlech Hëllef fir energetesch Sanéierungsarbechten.

3) Eis natierlech Ressourcë fir zukünfteg Generatiounen erhalen

Den aktuelle Rapport vum Observatoire de l'environnement naturel, den dës Woch virgestallt ginn ass, schwätzt eng däitlech Sprooch. Den Zoustand vun eisen natierleche Liewensraim fir Planzen- an Déierenarten ass besuergneserregend. Wa mir net entschlosse géigesteieren, da wäerten an deene kommende Joren och zu Lëtzebuerg vill Aarten ausstierwen. **An d'Aartevillfalt an d'natierlech Schéinheet vun eisem Land zukünftige Generatiounen virenthale bleiwen.**

Eis Ëmweltministesch huet an deene leschte Jore vill Efforte gemaach, fir den negativen Trend ze stoppen. An de leschte 5 Joer gouf et eng Verdueblung vun der Fläch vun den Naturschutzzonen a 55 Waasserschutzzonen schützen insgesamt 80% vun eisem Waasser.

Dës Efforten gi konsequent weidergedriwwen:

- **Naturschutzpakt:** Nom Virbild vum Klimapakt soll d'Zesummenaarbecht mat de Gemengen am Beräich vum Schutz vun eiser Aartevillfalt verbessert ginn. D'Gemenge kréie staatlech Ënnerstützung a Form vu Berodungsleeschungen a finanziellen Aiden.
- **Klimabonus Bësch:** Mir féieren éischt ekosystemesch Aiden an, déi d'Resilienz vun eise Bëscher férdere soll.

- **Offall-Pak:** Mir iwwerschaffen eis Offalgesetzgebung a ginn eis eng Null-Offall-Strategie. Domadder gëtt e.a. d'Grundlag fir d'Aféieren vun engem Pfand-System zu Lëtzebuerg geschaf a Plastikbesteck ab nächstem Joer verbueden.

De Rapport vum Observatoire de l'environnement naturel weist, dass déi geziilten Aarteschutz-Programmer gräifen. Fir den negative Gesamttrend ëmzedréinen, ginn déi monumental Efforten am Beräich vum Naturschutz eleng net duer.

Mir brauchen och en Ęmdenken an der Landwirtschaft an an der Economie. Wa mir den néidegen Ęmschwong net hikréien, dann ass dat net just e Problem fir eis Natur, mä laangfristeg och fir **d'zukünfteg Kompetitivitéit** vum Standuert Lëtzebuerg.

D'Regierung huet sech am Kader vum Rifkin-Prozess eng Strategie ginn, fir eis Economie **méi ressourcëschronend** ze gestalten.

Dës Strategie muss konsequent ëmgesat ginn:

- Den Neistart-Lëtzebuerg-Pak enthält dofir geziilte Mesuren, déi d'ekologesch **Moderniséierung vun eiser Economie** ënnerstëtzen.
- Et bleiwen awer Efforten ze maachen, notamment an eiser **wirtschaftlecher Usiidlungspolitik**. Hei musse mir an der Prozedur vun Ufank un **Critèren ewéi de Ressourcëverbrauch** préiwe kënnen. Dat weist d'Beispill FAGE ganz däitlech.

4) Fir muer virsuergen duerch Investitiounen an d'Zukunft

Haut Responsabilitéit iwwerhuelen a massiv an d'Zukunft investéieren, amplaz Problemer a Risiken op kommend Generatiounen ofzewälzen, dat gehéiert **zum Kär vum grénge Gerechtegkeetsbegrëff**.

Ewéi problematesch ze vill kuerzsiichteg Politik ka sinn, spiere mir zu Lëtzebuerg virun allem am Beräich vun der Mobilitéit:

- Mir hu ganz laang net genuch an den ëffentlechen Transport investéiert. Déi Retarden si mir zënter 2013 am Gaang opzehuelen. **Lëtzebuerg investéiert am Moment op Rekordniveau an déi multimodal Mobilitéit**. Bis Enn 2023 sinn déi grouss Investitiounsprojete fäerdeg. Fir de Fuerplangwiessel am Dezember 2023 wäerte mir am ëffentlechen Transport e weidere Quantesprong maachen.
- Dat geet eis gréng awer net duer. Dofir schafft d'Regierung aktiv **um neien nationale Mobilitéitsplang** fir Lëtzebuerg. Dëse wäert bis 2035 goen an de Paradigmewiessel, den an der Mobilitéit 2014 ageleet gouf, net nëmme festegen, mä eist Land definitiv aus der Réckstännegkeet an der Mobilitéit erausbréngen. **Bis Enn 2022 wäert déi Gesamtstrategie stoen**. Am Hierscht dëst Joer wäert en éischte wichtege Projet a Form vum Couloir multi-modal tëschent der Stad an Esch-Belval virgestallt ginn.

5) Jidderengem virum Gesetz Gerechtegheet erméiglechen

D'Gerechtegheet fro ass vu senger Natur aus enk mat eisem Justizsystem verbonnen. Méi Gerechtegheet verlaangt no **wichtegen Adaptatiounen an der Justiz**:

- D'Leit däerfen net esou einfach an de finanzielle Ruin geschéckt ginn. Hei muss méi präventiv geschafft an net eréischt agéiert ginn, wann alles ze spéit ass. Mir brauchen en Alertesystem, deen eis hëlleft Aarbechtsplazen ze erhalen. **An dësem Sënn, gëtt d'Failletegesetz iwwerschaaft.**
- E **gerechten Accès op d'Justiz** däerf keng Fro vu Sue sinn. Jidderee muss sech een Affekot leeschte kënnen. Haut kritt een **d'Assistance judiciaire**, wann een net méi Revenu huet, ewéi de REVIS. Ab engem Cent driwwer, ass et eriwwer. Hei muss **eng Stafflung** erakommen.
- Mir müssen déi Vulnerabelst an eiser Gesellschaft schützen an och hinne Gerechtegheet erméiglechen: mir hu vill Jonker a Fraen, déi Gewalt ausgesat sinn. **D'Verjärengsprozedur bei Pedophilie a Vergewaltunge muss mir onbedéngt verlängeren.** Mir mussen verhënneren, datt en erwuessene Mënsch, wann e seng Trauma verschafft huet, keng Plainte méi maache kann, wëll d'Dot da verjært ass.
- Fir déi Jonk brauche mir e konventionsgerechte Kader. Dat heescht **keng Jonker an de Prisong an eng kloer Trennung tëschent strofrectlechem Behuelen a Jugendschutz.** Och e Jonken, deen e Verbrieche begaangen huet, huet d'Recht op eng kloer Prozedur a muss wëssen, fir wéi laang hien eng Strof kritt. E Jonken, dee muss geschützt ginn, dierf op der aner Säit net d'Gefill kréien, datt e selwer eppes falsch gemaach huet.

6) Abordabelen, ëffentlechen an nohaltege Wunnraum schafen

De Logement an d'Immobiliepräisser ziele strukturell zu den Haaptgrënn vun der sozialer Ongerechtegheet bei eis am Land. Déi spektakulär Hausse vun de Wunnengspräisser an de Loyerer ass den zentrale Motor, deen d'Schéier tëschent Aarm a Räich auserneen dreift. Den Immobilien- a Bauterrainsbesëtzer ass héich konzentriert an a wéinegen Hänn. D'Hausse vun de Präisser riskéiert zousätzlech och ëmmer méi zu enger Fro vun der Generatiounegerechtegheet ze ginn. Sech een Doheem leeschten ze kënnen, ass ee vun de gréisste Suergpunkte vu jonke Familljen.

No joerzéngetlaangem Nokucken, gräift déi ëffentlech Hand elo méi staark an:

- Fir sozial Dramaen an der Covid-19-Kris ze verhënneren, gouf **d'Subvention de loyer** erhéicht an **d'Loyerer** bis zum Enn vum Joer **agefruer**. Och goufen **Expulsiounen** vu Locataire wärend der Héichzäit vu Covid-19 **ausgesat**.
- Duerch **d'Gesetzreform vum Bail à loyer** kréien d'Locataire méi Rechter an e verbesserten, gesetzleche Kader. Esou gëtt d'**Kommissioun un d'Immobilienagence**, déi soss eleng vum Locataire bezuelt gouf, fir dëse substantiell reduzéiert.
- Staat a Gemenge kréie mam **Pacte Logement 2.0** déi legal an technesch Moyene fir staark an abordabele Wunnraum ze investéieren, deen dann och an ëffentlecher Hand bleift.
- **D'Grondsteuer muss reforméiert ginn** fir aktiv **géint Buedemspeculatioun virzegoen**. Aktuell sinn d'Referenzwäerter obsolet, well se sech op de Stand vun 1941 bezéien an déi haiteg Land-a-Staat-Entwécklung net en compte huelen.